

Et ass me'glech, datt am e'schten Durchlernén net ömmer eng gerecht Möss agehale go'. Mé dén, dén dofir eso' schärf'zo' Gericht wöllt goen, soll soen, we' en et besser gemach hätt. Secher stét, datt kén onschölleg verurtélt get. Jidfer Ugekloten sing Schold get gené gepr'eit an d'Strot der Schold ugepasst.

3'Unióñ'

D'Unio'n erschient all Woch am Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Einzelnummer 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtliche Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeit. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp an Enneschigäss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlich ass den Aktio'nscomité.

Jor 1 • No 9 • 25. November 1944

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V.D. UNION) • ORGAN VUN DER UNION • ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

Onse Merci vrun allem Amerika!

Den Dag vum Merci

Ons sche' gro'ss Katedral wor virgöschter bal ze kleng we' d'Amerikaner hiren „Thanksgiving“ Dag gefeiert hun, den op den Donneschdeg 23. November virverluegt gi wor, well det Joer de 4. Donneschdeg am Mo'nt, dén offiziell fir de' Feier bestimmt ass, ze no u Kröschdag fällt.

De Prenz Felix wor extra kom fir matt der Kirch a mam Vollek desen amerikanesch - letzeburgeschen Dag ze feieren. Niéft allen Autorite'ten wor och d'Unio'n vertrueden.

Et ass e sche'ne Brauch all Joer en Dag ze feieren am Sönn vun engem Merci fir Dén dén alles fe'ert, sech z'erönnern un dat wat veriwer ass an ze bedenken, we' aus dém wat wor, dat Bessert ze formen ass.

A wa mer dé Brauch un ons uwänner an och vrun onsem Géscht dat vergängent Joer veriwerze'e lössen, da musse mer ons soen: Mer haten dat dach net erward a wa mer et och honnerimol gewünscht hun.

Den Himmel hat seng Hand nés iwert eis gehal we' eso' oft an der Geschicht a wa schon en Dél vum Land me' urg getraff go', da konnte mer am gro'sse ganze soen, mir si Sonndeskanner a mer sollen et nie vergiessen.

Dofir och soe mir Merci a weisen onse gudde Wöllen dodureg datt mer net d'Hänn an de Scho'ss léen an nokucken, we' aner Länner sech erausschaffen aus dem Mir vu Misär an Ongléck an dat ons den Nazissem geheit huet, ma höllefen opbauen um sche'nere Letzeburg, un der beserer Welt an d'r d'Mönschen all frei an zefridde we' an enger éneger gro'sser Familje liéwe können. M. H.

Nach émol de' schwarz Schof

An der Nummer 7 vum 11. November go'f vun enger Pressekonferenz geschriwen, o dér den Här Staatsminister Dupon bedauert huet, datt onse Le'rercorps önnér de Preisen am méschte versot huet. — Ob hié Recht huet oder net, wölle mer dohigestallt lössen, ower mir verlängen: Mächt elo èr Reie proper, a lét ère Kollegen schärf un d'Hérz, datt se sech patriotesch soßen astellen an sech net sollen hirgin fir Kollege weiss ze wäschen, de' am Krich eng knaschteg Roll gespilt hun. — Hei e Fall, we' en tatsächlech virleit. Un Iech ass et ze kucken, wién do schöllkarten matt erdurch ze huelen.

Op engem Baurendurf N., 8—10 km Ömrés vun der Stad, huet während dem Krich e Scho'lmeschter eng schmotzeg Roll gespilt. Hién hat zimlech an all Naziorganisati'on seng Nues stičchen. Eng Bibliothek an der Scho'l, politesch Bicher an och nach Bicher, de' é kenge Scho'lkaner an d'Hand soll gin. So'gur soll hié mam Parteifzéchen gesi gi sin. Kurz a gudd, e wor so' preisesch agestallt, datt hién am Durl as „de preisesch Ugén“ beittelit gin ass. — Et get ower elo eso' genannt besser Leit, de' sech stärk fir dëselwechten assetzen, trotz déne Be'schöllgen, de' ge'nt hié virlein. Mir wöllen Hoffen, datt hinnen ob d'Fangere gekuckt ge'f fir hirt schmotzeg Dreiwen aus dem Hannergrund. Mir gléwen, et ass am Intressi vum anze Le'rercorps, well tatsächlich sin der vill önnert hinnen, de' ze summe matt de Resistenzorganisati'onen Bedeutendes geléscht hun an domatt net verdengen, durch dat ekelhaft Hannergrund-Schaffen an den Dreck gezun ze gin.

Ons Landwirtschaft nom Krich

Jidferengem ass et klor, we' wichtig et wor, datt mir am Krich eng gudd funde'ert a léschtongskräfte Landwirtschaft haten. Wann et och bedauerlech war, datt et de Preisen dodurch me'glech gin ass, och dovun ze profite'ren a Liéwesmöttel a Ve' erauszeschlefen, dann hate mer bei all dém anere Misär over net och nach dém, datt mer net genug z'iésse gehat hätten. Domiéft wor et ons me'glech, ganz gró's Quantiteiten vun dém, wat ons Bauere gezielt hun, hémlech ewech ze huelen, fir onsen Déportéerten ze schecken a fir e pur dausend Jongen o'ni Liéwesmöttelkarten matt erdurch ze huelen.

Nach elo ass et vu gre'sster Wichtigkeit, datt ons Landwirtschaft emstand ass, matt égène Produkten de gre'sten Dél vun dém, wat mer fir ze liéwe brauchen, ze liweren.

Och nom Krich bleiwt ons Landwirtschaft de wichtigsten an onentbirlechsten Dél vun unsrer Wirtschaft. Et ass dofir no'twenneg, datt vun Ufank un dofir gesurgt get, datt si liéwesfähig bleiwt, an datt bei de Verhandlungen matt onse Wirtschaftspartner, dém, de' mer haten an de', de' mer eventuell kre'en, de' no'twenneg Interessen vun unsrer Landwirtschaft genug berecksichtigt gin.

Ons Wirtschaft muss eso' erem opgebaut gin, datt ons Landwirtschaft net nömmen erhale bleiwt, mé datt si sech och op enger gesonder Basis wieder kann entweckelen.

Et soll an et durf matt der Furderong ké Ge'gesáz geschäfe gin, wo' op d'r engen Seit d'Interesse vun de Produzenten stin an op d'r anerer de' vun de Konsumenten, et durf och kén Interessekrich gin töschent Landwirt-

schaft an Industrie, mé gleich vun Ufank un muss de Fong geluegt gin fir eng gesond Zesummenarbecht vun allen, de' dem Land no'twenneg sin, an de' em Arbechsgélehét, Verdengscht a Wuelstand solle secheren.

No desem Krich wölle mer eng besser Welt oprichten, we' mer se virdrun hatten. Virun allem wölle mer hun, datt d'Arbecht me' zo' E're könnt. Jidferé soll Geléehét kre'en fir ze schaffen, jidferé soll ower och schaffe missen a jidferé soll durch seng Arbecht e Recht op en ustänneg Liéwen hun an eng Me'glechkt, zo' Wuelstand ze kommen.

De Bauer ass en Arbechter op égener Scholl. Seng Interessen an de' vum Arbechter gin net eso' ausernén, we' läng Zeit durch uegholl oder we' könschlech d'Ménong verbréd go'. Och hén huet Utrecht drop, datt hién net iwerluedet get matt Arbecht an datt hién de gerechte Lo'n vu sengem Schaffen kann anze'en. Dat durfe mer net vergiessen wann et héscht, Verdrág ze schäfen an international Verpflichtungen anzegoen, de' ons op lange Jore banne an de' och d'Wiederentweckelung vun unsrer Landwirtschaft erme'gleche müssen.

Mir durfen ons dobei net vun den zofällegen Zeitomstann lédé lössen, de' elo an och nach direkt nom Krich bestin. De' Wureknappéh an de momente gro'sse Bedarf u Liéwesmöttel an der ganzer Welt durfen ons net dozo' verlackelen unzuhuelen, datt dat ömmer eso' ble'f. Wa mir opbaue wöllen, da musse mer dofir surgen, datt d'Föllement stärk get an datt et och eng gre'sser Beläschting, de' spe'der matt Secherhét ze erwärden ass, ze droen ömstand ass.

Et ass viraus ze gesin, datt ons landwirtschaftlech Produktio'n iwer kurz oder läng erem ge'nt d'auslännesch Konkurrenz geschützt muss gin. Eng Iwerproduktio'n am Ausland durf ni onser Landwirtschaft gefe'erlech gin. Grad eso' we' haut, an ömmer, wann d'Wure knapp sin, He'chstpreisser ge'nt d'Iwerfurderong musse secheren, grad eso' muss dann och e Mannspries dofir garante'ren, datt dem Bauer seng Arbecht och dann hire gerechte Lo'n fönn, wann eng Iwerproduktio'n vum Ausland him gefe'erlech ge'f gin.

Et durf dobei keng Roll spille, ob d'Brot oder d'Flész eppe's me' deier bezuelt muss gin als we' war mir dem auslännesch Wéss an dem friéme Ve' freie Wé ge'f lössen, grad eso' we'neg we' mir net durfen zo'lössen, datt den Arbechter ze we'neg Lo'n ge'f kre'en, well friéme Arbechtskräfte me' bollég ge'f schaffen. So', we' mir am Krich solidaresch worn, so' musse mir et och nom Krich an ömmer bleiwen, wa mer me'glechkt gro'sse Wuelstand an eng me'glechkt stärk Gerechtegkét am Land wöllen erauswesse lössen.

Krichsschued 1940

Krichsschued go'f et schon 1940, net ere'scht 1944. Vill dovun ass bezuelt, ma net alles. Wié „politesch onzo'verlesseg“ wor, kruel neischt.

Fir vill vun dénen, de' als „politesch onzo'verlesseg“ gegollen hun, waren de' 4 Jor läng. — Huelt en armen Deiwl, dén de leschte Sú op der Spurkés muss ophiewen fir d'Heip ze flecken, de' eng Granat kritt hat. En hat an en huet kén Apel me' fir den Duscht. — Oder en aneren, dé Geld musst le'nén fir ze ersetzen, wat um Haus an am Haus gefélt huet. Bekanntlich, wié Geld le'nt, muss Zönsen bezuelen.

E Geschäftsmann fónt de Butek eidel, we' en hém könt. E fe'ert sei Geschäft alt ganz kleng virun. Ma d'Generaloneschen an d'Bankzönsen gin an d'r aler He'cht weider. E verle'ert Konnen, well e keng Wié me' huet.

We' dacks hun de' Leit geduecht a gesot: „Eso' bal eis Regirong eróm ass, get mir gehollef.“ — Hoffentlech hate se recht. De Misär vun dénen, de' 1944 geschiédegt go'wen, darf eis de' net vergiessen lassen, de' scho 4 Jor am Misär sin.

D'Regirong soll bedenken, datt de' Leit geschiédegt go'wen, we' 100 aler Frangen nach vill me' wert worn ewe' elo 125 neier. Se soll bedenken, wivill indirekte Schued de' Leit 4 Jor läng haben. Se soll rechnen: Zönsen zu 5 Prozent 4 Jor läng, dat mecht 20 Prozent, zu 6 Prozent mecht et 24 Prozent vun der Haptzomm. Déné Leit hirt Geld war elo 4 Jor läng blockéert, dat wár bal läng genug.

4 Jor läng sin de' Leit bei d'Preisen hésche gäng fir hirt Recht ze kre'nen; d'Letzeburger Regirong soll se net hésche lössen. Regelt hir Sách, o'ni

datt se müssen héschen. E Pur Suelen hu se vertröppelt, fir an „d'Kriegsschädenam“ ze lafen, lösst se net nach e Pur vertröppelen. Fir munche vun hinnen ass et eso': wann en elo net gleich gehollef krit, da kann en sech net me' eropschaffen, dann ass et ze spéte.

„Politesch onzo'verlesseg“, dat héscht an onser Spröch: E ganz guide Letzeburger. Hir Sách soll eso' an d'Rei gemach gin, we' mir et déne ganz geschmotzeg Roll legt sin. Bei de Preisen wore se verstöss; elo sollten si dach eigentlech vir sin. M. K.

Letzeburger denk der nach drun?

Zwémol an Zeit vu 26 Jor huet Deitschland ge'ntiwer dem letzeburger Land sei Wurt gebrach. Zwémol huet et am Widersproch zo' sengen offiziellen Deklarati'onen versicht, d'letzeburger Land ze annekte'ren. An all Ke'er wann et gemengt, t'hätt eis am Sak, huet et erem musse mat Schan si One'er zreck iwer d'Musel.

Emmer huet Deitschland versicht, mat Lug a Bedrug sein Iwerfall als en Akt vun No'twier duerzestellen. Den 2ten August 1914 an den 10te Mê 1940 sin Daten, de' d'letzeburger Vollek ni vergösst. 1914 huet den deitsche Reichskanzler Bethmann-Hollweg a sengen Telegramm un d'letzeburger Regirong erklärt, d'militäresch Préko'tionen hei am Land dirften net als feindlechen Akt betruecht gin. Deitschland als so'genante Führer vum Gro'ss-deutsche Reich senger Arme' Uweisung gin, Letzeburg ze besetzen. De Goebels huet démos der Welt duerch de Radio ze verstoe gin, Deitschland ge'w nömmen aus Rücksicht op seng ége Secherhét an zum Wuel vum letzeburger Vollek, Letzeburg en passant okkupe'ren. Hien huet grad ewe' 1914 de Bethmann-Hollweg beto'nt, dat Deitschland sech ni erlaibe ge'w, sech an d'intern Verwaltung vu Letzeburg eran ze mösschen. We' et gängen ass, hu mer jo all an de vergängene Joren um égene Leif erfuer. Deitschland huet kén Wurt. Des gro'ss Natio'n, de' ömmer te'nt vun deutscher Treue, deutschem Manneswort an deutscher Ehre, hat nach ömmer weider neischt am Schna we'e de' aner Länner ze iwerfalen, de Letzeburger zum treie Birge. Ze erzéen, dann hu mer ömmer d'Garantie, dass se all an de Stone vun der Gefor antriéden fir d'Devis:

wölle jo och keng chinesesch Mauer ronderöm d'Land oprichten. Onbedengt hale mer drop, dat all Naturalisati'onen bis 1900 nozepre'fe sin. A wo' nömmen eppes Klengs ass wat net klor ass, do muss d'Naturalisati'on reckgängig gemach gin. Et wär dann och drop henzwierken, dass eis jong Leit sech bedenken, ir se sech mat engem Friéme bestueden, 't ass wuel eng kriddlech Sách, fir engem an desem Ponkt Virschrofzen ze machen, ma d'national Erze'ong vun eisem Joncktmuss doroher agestallt gin, dass och dobei dat Béscht fir d'Land erausfällt. Da könnet et net me' vir, dass eso' vill der Hémecht ontrei gin an de Stone vun der Gefor versozen. Wa mer vu Kanddoen un alles machen, de Letzeburger zum treie Birge. Ze erzéen, dann hu mer ömmer d'Garantie, dass se all an de Stone vun der Gefor antriéden fir d'Devis:

Letzeburger de Letzeburger!

Zum Artikel aus der Unio'n vum 11. 11. 1944 Nr. 7

Wat mir Letzeburger vun onsem Steierminister erwarden

De' Le'song, de' Der virgeschloen huet, huet nach dese Virdéi: och de' Leit kommen un d'Rei, de' et verstanen hun an déne ve'er Jor matt de Preise Geschäfte ze machen a gleichzeitig beim gudden, topeche Letzeburger (over nömmen wann d'Loft propper wor) ge'nt d'Preise lasszescholen, fir sech de sche'ne Männchen ze machen.

Firwat mer dat alles ernimmen? Well mer der Usicht sin, dass et ne'deg ass, ömmer drun ze erónneren, dat de Preiss eise gre'sste Feind ass, an dat d'letzeburger Vollek ömmer muss um „qui vive“ sin, fir deser Gefor ze begénen. Och eis Friémepolitik muss doroher obgebaut gin. Et darf net me' virkommen, dass no desem Krich d'Land erem vun eso' enger Band iwerschwämmt get.

Dofir begre'sse mer all de' Urégonen, de' vun verschidener Seit kommen, fir d'Zuel vun de Friémen a vernöftige Grenzen ze halen. Ganz könne mer et jo net vermeiden, a mer

De'je'neg worn eben eso' raffine'ert an hun sech gur net eso' weit blo'ss gestallt, datt se zu enger politescher Rechenschaft erugezen könnteen gin. Ower si sollen an därfen hiren Strot trotzdem net entgoen. De Passus vun der Steiererklärlóng ass gudd. Matt engem Wurt: do kommen d'r och nach un d'Rei, de' virum Krich onser Regirong eso' sonderbar Erklärungen ofgin hun. A wann de Staat net surgt, datt et propper an onsem sche'ne Ländche get, da muss d'Vollek dofir surgen, ewell vun dénen all durf kén de' Geleehét kre'en, eso' knaschteg Geschäftter ze mán önnér démselwechten Deckmantel, we' an déne ve'er Krichsjoren.

K.

Gudd Letzeburger ...

D'Museldirfer sin ewell 8 Wochen evakue'ert. All Zo'gang op d'Musel fir Privatleit ass verbueden. Et ge'f émengen, des Urdeuren vum amerikanesch Commando ge'fe' befollegt. Schnied nömmen kén sech. — Et ass eng gewöss Zort Leit, de' kann sech net enthalen op allerhand Niewewéen op d'Musel ze kommen.

Resultat: De' Betreffend gin ofgeschappert an an de Prisong gefe'ert. Eng Feststellong ass dobei interessant. Et sin de'selwecht Leit, de' schon 1940 bei der Evakuati'on sech ömmer hémlech an d'Dirfer geschlach hun. Bestömmt droen se de Noper neischt an d'Haus an se léschten den Amerikaner och keng Dengschter. Dobei stöppelen si nach hir ége Mattbirger op, de' beweisen, dass se Disziplin hun, a si verléden de' och, hém kucken ze goen.

An da get nach eng aner Zort, de' machen datselwecht op me' eng licht Mane'er. Si bündelen matt den ameri-

kaneschen Zaldoten un a koppelen hinne Ge'gestänn of, de' all vun de Museldirfer hir stamen. Mir hu verschidde Feststellonge gemacht, a mir wérten net verféléen, de' betreffend Leit unzegin, wa si de' Ge'gestänn net so'fort bei ons oder an der Gendarmerie ofgin. Et mengt én et wir net mönsc'heméglech, dat et et haut nach Leit get, de' sech op d'Káschten vun den Evakuéer'eren bereichern.

Nach eppes: Kaum ass eng amerikanesch Compagnie aus dem Durf fortgezun, da kommen se vun alle Seiten. De' eng droen et am Scho'ss fort, de' aner matt der Handkärchen, de' aner mam Gespänn. Dobei get net berecksichtigt, datt do Sáche leien, de' verschidde Leit gehe'eren. Bis de' Leit do sin, ass d'Lager geraumt an hir Sáche si nach hir ége Mattbirger op, de' beweisen, dass se Disziplin hun, a si verléden de' och, hém kucken ze goen.

Et sollt é mengen et wire keng Leit me', de' nach eng Grötz Mane'eren hätten.

D'Unio'n vu Munref,

Nationalerze' onk

D'patriotesch Gefill ass eso' ne'deg wé' d'Le'ft zur Familjen an zur Menschheit. Et muss an der Scho'l gepflegt g'matt, Bezug op den Enzelen, op de Staat an op d'Menschheit.

Le plus grand danger qui menace une nation, vient de l'oblitration du sentiment patriotique. (M. Barres.)

Et muss én an der pazifistescher Tés vum Tolstoi an och an dèr vu villen aneren, dénen hier Motiven net eso' op-

D'Letzeburgesch Versecherungs- a Bankgesellschaft

La Luxembourggeoise'

délt hier Kundschaft matt, datt se hir Versecherungs- a Bankoperatio'nen an hirem ale Gesellschaftssitz zu Letzeburg, Eck Gro'ssgäss a Boulevard Royal erom opgeholh huet.

Vergiess a Fridenszeiten net, dass och am Krich du hei bedéngt gi bass! Schongbutek

Pol Clees

RODANGE (Gare)

Bau- a Miwelschreinerei

Nic. Soid

LAMPERBIERG

Zo'konftströss 52 Tel. 5634

Ass et fir Tubak oder Zigaretten, fir e Patt Vitz oder fir en Humpen matt enger Dröpp, dat get et ami

Café Lampach

NIDERANWEN

Tel. 18 Ruedt

Wié gäre modern, se'er a bölleg zerve'ert wier, gét bei de Schneiderméschter

François Krier

Gro'ssgäss No 17

BIÉLES

Beim Bäckerméschter

Kohn Eugène

ass st'e's eng frösch Wuer an eng réell Bede'nong
Gro'ssgäss No 28

BIÉLES

D'Miwschreinerei

Gebridder Durbach

BIÉLES, Gro'ssgäss No 38

liwert all modern Miwelen

An der „Cogénal“ beim

Evy Feller

BIÉLES, Escherströss
gött én nömmme gudd a frönd-
lech bedengt.

Am Café

Albert Bettendorf

zu BIÉLES

ass e gudd Gedrecks an eng löschteg Gesellschaft

De

Marcel Kühn

He'ssengerströss No 5

BIÉLES,

recommande'ert seng Epicerie
a sei Coiffeurgeschäft

Ömmer eng frösch Wuer an eng réell
Bede'nong beim Metzler

Nic. Federspiel

BIÉLES, Gro'ssgäss

Hudd Der gär eng gudd Charcuterie,
da git bei de

Mertens Pier

BIÉLES, Gro'ssgäss No 30

D'Bäckerei
an d'Liévensmöttelgeschäft

Marie Thill

offere'ert Iech fir d'Kirmes
Gebäcks a Gefömmis
BIÉLES, Gro'ssgäss

D'Pazifisten hun also Onrecht, wa se behapten, datt d'Nationalgefille ofholt, a wa se sech op d'Scho'l beruffen, fir him de leschte Sto's ze gin. D'patriotesch Gefill ass am Ge'endél se'er stark gin, an d'pazifistesches Idien machen hau zimlech iwerall Fiasco.

Konte mer net gesin, we' de' deitsch Sozialisten ongeheier Krédite vot'ert hun, de' d'Völlel erdrücken, fir datt d'Regirong virufure kann, de Krich ze fe'ren. Get net de famo'se Kongress vu Bern vun Deitschen a Franzo'se verläfft? Wor net d'Konferenz vum Hag, de' op d'Urégong vum Tsar aberuf go', e richteg Kome'dispil? De Manktem vun Oprichtegkét ass den e'vegen Usto'sstén, durch dén all den Bestrie-wenken ennergin. D'patriotesch Gefill verschwönt net, dofir ass d'Geschicht Birg, "Vor hundert Jahren wurde vom deutschen Volke ganz anders empfun-den als heute; das Gefühl für die Einheit alles Menschlichen war zurzeit Herders und Goethes überaus lebendig; Patriotismus erschien dagegen als etwas Enges und Verengendes. Und sehr lebendig war auch das Heimats- und Stammesgefühl. Die geschichtliche Entwickelung des 19. Jahrhunderts hat das Nationalgefühl emporgeshoben auf Kosten jener. Die Errichtung des Nationalstaates wurde für das deutsche Volk wie übrigens auch für das italienische die grosse Aufgabe des 19. Jahrhun-derts. Die Erhaltung des Volkstums setzt staatliche Verfassung des Volks-tums voraus; ein Volk ohne Staat ver-liest seine Nationalität. So erhielt nun auch die Vaterlandsliebe die enge Be-ziehung auf den nationalen „Einheits-staat“. Der Name Patriotismus drückt das aus; ihm ist die Richtung auf den nationalen Staat wesentlich."

D'Pazifisten ass also Onrecht, wa se behapten, datt d'Nationalgefille ofholt, a wa se sech op d'Scho'l beruffen, fir him de leschte Sto's ze gin. D'pazifisten soen net, datt de Krich aus der Mönschheit gebur ass, de' vun him zer-ste'ert get. Et ass e verstänneg a ver-dengschlecht Beme'en, dat Iwel eso' rar we' me'glech ze man, mé et ass onsnenneg, un d'Me'glechket ze gléwen, et ganz ze önnertrecken.

Wat ass iwegens d'Verhalen vu ganz moderne Völker dem Patriotismus ge-nieter, vu Völker, de' no de Pazifisten wuel dengen, de Kult vum Patrio-tismus net an der Scho'l anzefe'eren?

D'Amerikaner, e gro'st freit Vollek, gi sech drun, fir matt viller Me' an d'Gemit vun hire Kanner de National-stolz ze léen. Wollen d'Amerikaner dofir ower aus hinne "inner man, de' fir d'Land nömmme geforen, Krich an Eruverungen drémen? Ké ge'ng dat wölle behapten. Si wollen gudd Birger erze'en, de' nömmen de Fridd wöllen, de' ower och, wann et gölt, beherzt dat Land verdédegen, fir dat si scho fre' gele'ert go'fen, e wirkelech Kult dreien; Nationalstolz a patriotesch Gefill enk verbonnen, ergin den amerikanische Patriotismus, dén zo' allen Af-färe beréit ass. Et ass nach net lang, du hun englesch Professeren an den USA, eng Emfro iwer d'Erze' onk gehalen a festgestallt, datt den Zweck vun der Erze' onk ass, eso' schnell ewe' me'glech der internationaler Bevölkerung, de' all Joer an d'USA, agewandert könt, d'Gefill vun engem ganz intensiven Na-tionalismus beizebrengen. An der Scho'l gi patriotesch Lidder gesongen. D'Stère-banner henkt an der Scho'l eso', datt jidferen et vrun Aen huet; eng, Be-stömmmon am Staat New-York sét eso'gur, datt et an der Scho'lzeit baussen d'Scho'l gehang soll gin. All mures greissen d'Kanner de Fuendel a schwiren der Hémecht Trei. De Patriotismus hölt offiziell Dél um Le'erplang. D'Resultat ass gro'st. Den Unterricht get beglétt matte Erziélonken aus dem Liéwen vun de gro'sse Männer vun der Vergängen-hét. Eso', an durch d'Erklären vum Symbol vum Fuendel, dén ömmer do ass, erréchte Scho'lmeschter, et gudd a loyal Birger ze erze'en, wat nom Du-ruy a villen aneren de' richteg Missio'n vun der Scho'l ass.

Et ass jo richteg, datt d'Erze' onk vill derzo' beidre't, fir et z'entwecken; et existe'ert over virdrun get net vun hir ere'scht an d'Liéwe geruff. Et muss én net iwer d'Wurt "Hémecht" schwadro-né'ren. Virun allem ass festzestellen, op d'Gefill do ass, a net, op sein Objekt kloer ausréngesat ass. Datt én iwer d'Définitio'n vum Wurt "Hémecht" rechte kann, gi mir zo'. Dat verhönnert ower net, datt d'Hémechle'st se'er na-tirlich ass. D'Diplomati kann ich aus engem Letzeburger zu engem Deitsche machen, et ass ower da nach lang net gesot, datt der ufánkt Deitschland gär ze hun, am Ge'endél! Dir bleift erer e'schter Hémechle'st trei an d'Ännéronk, de' iech opgedrängt get, schenget iech eng richteg Tyrannie ze sin. „Quand je me ferais naturaliser Chinois, en me conformant scrupuleusement aux prescriptions de la légalité chinoise, je ne cesserais pas d'élaborer des idées françaises, et de les associer en Français; en vain a-t-il lié ses inté-rets aux nôtres, le sang s'obstine à suivre l'ordre de la nature contre les serments, contre les lois.“ (M. Barres, Nat. p. 991). Eso'gur wann d'Diplomati iech aus engem arme klenge Lännchen an eng gro'ss Natio'n versetzt, si der

d'owesrascht sech niéwend hié sötzen, a well se ké Moment d'Hann me'sseg an de Scho's ka léen, streckt si alt Strömp fir de Wanter, datt se d'Fe'ss ömmer gudd warem huet. De Gierch kuckt hir op d'Fangeren a geseit ewe' de' Streckeisen eso' flenk hin an hir an op an of gin a we' se blötzten. Dat huet hién nach net beim Ro'seli gesot. Dat konnt stonnelang bei engem sötzen o'ni e Fanger ze re'eren.

D'Mamm bekuckt hién emol iwer de Eröll ewe' wann se wöllt soen: „A, do ass et wo' d'Kand am Pötz leit.“ Hard sét se ower: „Et ass dach gewöss neisch, wat eso' presse'ert, dass de net me' aus de Gedanken eraus solis kom-men.“

„Dem Papp wär et ower gewöss dekkingt iéscht gewiéscht.“ „Eso' wär et ower gewöss net ge-miengt gewiéscht, ewell et muss én de Kanner dach de' ne'deg Zeit lössen fir

dofir net manner belédegt. Wann dat wo'er ass, da gét dat dach eleng schon dur, fir ze beweisen, datt d'Hémechle'st faktesch ugebur ass. We' gro'ss d'Hémecht ass, spilt dobei gur keng Roll, well ons Le'ft sech net no de Quadratkilometre miéss le'st. Ze be-mirken ass nach, datt é méschents sei Land gären huet, o'ni drun ze denken. Et gefällt ons, mecht ons glecklech, mer lun et natirlich gär, instinktiv grad we' én d'Loft anotemt, de' os' omget. Lôsst ower de Feind sei gehélegte Budem betrieben! Dann erwacht d'Hirz an et ass, we' wann halt selver verwont wär gin. Och dé Feigste léft erhei fir d'Hémecht, fir hir E'er an hire Bestand ze verdédegen.

Lôsst mer ons é Moment an e Land weit vun onsem ewèg versat denken; gleich schéng d'Liéwen a senge Grond-elementen geännert. Et ass net me' de' de'selwech Spröch, déschweite Gedanken, datselwech Hirz. Alles hönner-ons: d'Spröch, de' é schwätze muss, d'Gebreicher, de' én anhale soll, an

d'Gesetzer, de' ons rege'eren a be-schötzte sollen. We' denkt én eso' dacks zreck un d'Hémecht, de' eso' weit fort ass; d'Hémwe! All dat beweist iwer d'Möss de ganz natirliche Karakter vum patriotesche Gefill.

D'Idi vun der Hémecht ass eso' ne-deg we' d'Idi vun der Familjen. D'pa-triotesch Gefill ass ne'deg, well et de Fortschrott evirift, well et onser égener Dignite't nötzlech ass. Grad we' é fir d'E'er vu sengem Num sech streit, eso' streit é sech fir d'E'er vun der Na-tion. De J. J. Rousseau sot, datt de' gre'st Dôten durch de Patriotismus ge-schitt sin. De Patriotismus huet Jor-honerte lang a Sparta d'Enthaltsamkét erhalen, zu Athen d'Gerechegkét, d'Le'ft zur Armut an de Respekt fir gudd Moral zu Ro'm; hien huet de Mutt vum Léonidas entflamt, d'Riedleckkét vum Aristides, d'Weishéit vum Socrates an d'Beredsamkét vum Demosthenes ge-schaf; hien huet ze soen iwer d'Mensch-hét Männer erhuewen we' den Decius, de Camillus an de Scipio.

Onse Wé an d'Evakuatio'n

Nodém mer zu Wässerböllig an der Kalekgallerie bal e gauze Mo'nt sche'n a schlecht Deg erliéwt haten, hun d'Preisen ons obgefurdert, d'Gallerie ze raumen. Matt schwe'rem Hierz hu mer desem leschte preiseschen Akt Folleg geléscht. Fir et e'rlech ze soen, hätté mer nach gér eng Zeit an onse Katakombe ausgehalen. Mir si matt ganz surgevolle Gefiller an d'Evakuatio'n gängen.

Zu Mompoch ukomm, sin de' es'cht vun ons schon dobliven an hun sech do etable'ert, well se me' no dohém worn. An eso' ass et op all Durf gängen, bis an d'Stat.

Matt Kannerkutschen, kleng Léder-wén, matt Teimeren a. e. w. hu mir ons Sächen bis an d'Stat gezun. E klenge Dél, dé Chance hat, ass matt dem staatlechen Trammsauto no Letze-burg gefo'ert gin.

Mir vun der Unio'n sin hei an der Stad vu Pontius zu Pilatus gelaf fir Autoen zur Verfügong gestallt ze kre'en, fir d'Evakuatio'n a geregeltem Sönn ze organise'eren; a wat hu mir errécht? Eng Ke'er huet et gehéscht, et si 17 Autoen fir mur fir Wässerböllig bestallt. Den aneren Dag sto'ng op der Wöllemplatz 2 Autoen zur Verfügong. Et ko'm och vir, datt mir e ganzen Dag an eisen Administratio'n virgesprach hun fir Benzin ze kre'en, fir de' ne'deg Sächen vun den Evakuéerten an d'Stat ze brengen a fir ze verhönnen, datt de' Sächen net zerste'ert solle gin. Do hu mer d'Aent-wert kritt: Et ass ké Benzin do, — a stänzig sin iéwer Luxmaschinen durch d'Stat gesauta. Wo' hun de' dann hire Benzin kritt, a war dat alles zu nötzlechen Zwecken? Matt allem Krach krute mer dann emol 20—30 Liter Benzin.

Mir vun der Unio'n sin hei an der Stad vu Pontius zu Pilatus gelaf fir Autoen zur Verfügong gestallt ze kre'en, fir d'Evakuatio'n a geregeltem Sönn ze organise'eren; a wat hu mir errécht? Eng Ke'er huet et gehéscht, et si 17 Autoen fir mur fir Wässerböllig bestallt. Den aneren Dag sto'ng op der Wöllemplatz 2 Autoen zur Verfügong. Et ko'm och vir, datt mir e ganzen Dag an eisen Administratio'n virgesprach hun fir Benzin ze kre'en, fir de' ne'deg Sächen vun den Evakuéerten an d'Stat ze brengen a fir ze verhönnen, datt de' Sächen net zerste'ert solle gin. Do hu mer d'Aent-wert kritt: Et ass ké Benzin do, — a stänzig sin iéwer Luxmaschinen durch d'Stat gesauta. Wo' hun de' dann hire Benzin kritt, a war dat alles zu nötzlechen Zwecken? Matt allem Krach krute mer dann emol 20—30 Liter Benzin.

Et hätt ganz bestömmt nach villes gerett könne gin, wa mir önnerstötzt gi waren.

Eso' ass elo de gre'ssten Dél vun onser Wässerböller Bevölkerung hei an der Stad evakuéert.

Mir sin den e'schte Moment ganz

en Zéchen ass, datt de ganze Kirper sech matt engem Gedanken ames'ert: „Bramesch Ro'seli? Dat vum Bramesch-haff?“

„Et get nömmen ént eso' an der ganzer Ömge'gend.“ An e bekuckt d'Mamm emol verwonpert datt si so' ro'eg a gelössen derbei. D'Hére klappt him scho vu Fréd datt si net opgesprongen an him Reproche gemäch. „E proppert an d'Geschäft lo'g. — An dém Moment huet dat ons nach neisch ausgemäch, well mir hu gedreucht et wir we'nt dem Geld, wat nach net changet'ort wor.

Dovun nach ofgesin, versti mer ganz gudd, datt d'Konnen a geregelter Zeit virgezu gin; et hätt awer schon können eng Ausnám gemäch gin fir de' Evakuéert och we' Er Konnen behandege'wt; si ge'wen Iech ganz bestömmt villmols merci soen, well hirt Geld ass jo och letzeburger Geld.

Union Wässerböllig-Merkert.

„Dat Méden wat hién erausgesicht, hätt wuel ké Féler, ma et wär eso' de' Leitgeschwätz, datt et wösst opzetroppen an aus enger Meck en Ele-fant de' mache.“

„Dat Méden wat hién erausgesicht, hätt wuel ké Féler, ma et wär eso' de' Leitgeschwätz, datt et wösst opzetroppen an aus enger Meck en Ele-fant de' mache.“

„Dat Méden wat hién erausgesicht, hätt wuel ké Féler, ma et wär eso' de' Leitgeschwätz, datt et wösst opzetroppen an aus enger Meck en Ele-fant de' mache.“

„Dat Méden wat hién erausgesicht, hätt wuel ké Féler, ma et wär eso' de' Leitgeschwätz, datt et wösst opzetroppen an aus enger Meck en Ele-fant de' mache.“

„Dat Méden wat hién erausgesicht, hätt wuel ké Féler, ma et wär eso' de' Leitgeschwätz, datt et wösst opzetroppen an aus enger Meck en Ele-fant de' mache.“

„Dat Méden wat hién erausgesicht, hätt wuel ké Féler, ma et wär eso' de' Leitgeschwätz, datt et

AUS DER »UNIO'N«

Biéles. — Eis Kirmes go'f de leschte Sonndeg mol erem feierlich, mamm Hämmelemarsch, uefengangen. Dat war de' eschte Ke'er zönter fönnet Jor. Den Erle's ass fir de' O'mgesiedelt bestimmt. — Eng zwéit Attraktio'n wor net manner schlecht an huet de ganzen Dag gezunn. Lånscht Häptströss hat d'Unio'n nähmlich d'Fotoen vun eise „Muttien“ gehängen. Si worn tip-top geklét a go'fen vun alle Seiten gewisen: Op Kaffiskrenzercher, a Gesellschaft vun de Giélemännercher asw. Si hatten oca Kirmes eng Ke'er! Ech wetten, de' „Damnam mamm Gréf“ sin nach ni an hiren Liéwen eso' gemustert gin. Et worn déer natirlich och op der enger oder anderer Foto, de' d'Preise gezwungen hatten dohin zu goen. Sie sollte sech net dorriwer iégereren, a wann si sech d'Kirmesham versatzt hun, da wor et nömmen hir Schold; well jidderén hei zo' Biéles wéss, dass si och le're wer döhmen bliwe wieren. Durfir sin si och eso' erfe'ert, wo' et geknipt huet, ob-schon si ganz hannen am Eck so'zten. Si konnten ower net erausgeschnidde ginn. Eng drött am Hapt-Attraktio'n wor dann de' hei. Doebei go'f d'Stärkt vum der Unio'n op d'Prof gestallt. Do wollt ja e Café, déin d'Unio'n zo' gemat hat, op Kirmessondes eröm zapen. Eis Jongen, de' stongan parat a soten: „A wat ass!“ De Café ass zo' bliwen, ke' Letzeburger go'ng an. Et wor och dat gescheist, well et soll en de Ro'de le'w nöt mutwölgel reizen.

